



FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DES PÊCHEURS SPORTIFS  
SECTION: < PÊCHE EN MER >

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2020

## Rapport vun der 41. Generalversammlung (2020)

19. Januar 2020



Lauréaten 2020

### Usprooch vum Präsident

De President André Biver begrüsst ganz häerzlech d'Memberen an d'Sympathisanten vun der Sektioon "Pêche en Mer" F.L.P.S. . Hien entschëllegt den FLPS President Jos Scheuer an de Vize-President vun der Sektioon PeM, John Palgen.

No enger Gedenkminutt un déi verstuerwe Kollegen vun der Sektioon mécht hien déi 41. Generalversammlung op.

An enger klenger Ried iwver de Verlaf vum Joer 2019 seet hien och sengem Comité, all de Sponsoren an dem Batti e spezielle Merci fir hier gutt Aarbecht an d'Ënnerstëtzung iwver dat ganz Joer.

### Rapport vum Sekretär

E schrëftleche Rapport iwver d'Aktivitéiten 2019 gouf der Versammlung ausgedeelt.

De Sekretär Gilbert Zangerlé mécht e klenge Réckbléck iwver eis 40. Joer Feier, déi e grouse Succès wor.

Dass eis Tagesfahrten erëm méi e grouse Zoulaaf hunn, ass speziell op eis auslännesch Frënn zeréckzeféieren, déi ausser hirer Participatioun och e beschen Vielsäitegkeet a Faarf an eis Fahrten bréngen. De Rapport 2019 gouf vun der Versammlung ugeholl.

### **Rapport vun dem Keessier**

De Keessier Claude Resch huet der Versammlung am Detail d'Compten vun der Sektioon virgeluegt an déi verschidde Mouvementer erkläert. Fir den Exercice 2019 mécht d'Sektioon e klengen Defizit vun 226,21 €. Et muss een awer bemierken, dass schon d'Reservatiounen fir den Hôtel zu Dunkerque, fir d'Coupe des Nations 2020, ubezuelte goufen.

### **Keesserevisoren**

D'Keesserevisoren fir 2019, Norbert Steyer, Godefroy Jean-Marie a Fernand Gira, haten den 18. Januar d'Kees kontrolléiert an hunn der Versammlung bestätegt, dass d'Kees ganz korrekt a minutiéis geféiert ginn ass. Sie bidden d'Versammlung dem Keessier d'Décharge fir 2019 ze ginn. Dat gouf per Acclamatioun acceptéiert.

### **Cotisatioun 2020**

Et gëtt eestëmmeg beschloss d'Cotisatioun fir 2020 op 25 € ze loossen.

### **Erneierung vum Comité**

Ausser den austriedend an erëmgewielte Memberen hat den Hottua Nico seng Kandidatur net méi gestallt.

Am Comité fir 2020 sinn: Biver André, Resch Claude, Zangerlé Gilbert, Royer René, Micucci Giovanni, Palgen John, Scheifer John, Hansen Jean-Pierre a Fred Wagner.

D'Equipe fir 2020 gouf par Acclamatioun guttgeheescht.

D'Chargeverdeelung gëtt laut Statuten an der 1. Comitéssëtzung (3.2.2020) festgeluegt.

### **Neiwiel vun de Keesserevisoren**

Déi 3 Keesserevisoren, Steyer Norbert, Godefroy Jean-Marie a Gira Fernand, haten hier Kandidatur erëm nei gestallt a goufen eestëmmeg zeréck gewielt.

### **Landesmeeschterschaft 2019**

- De John Scheifer, dee sech zesummen mam René Royer ëm d'Organisatioun vun der Landesmeeschterschaft këmmert, huet e klengen Bericht iwwer d'LM 2019 gemat an d'Resultater kommentéiert. Hie bedauert, dass vun de 6 geplangte Manchen der nëmmen 3 konnte geféiert gin.

Hie weist sech erfreet, dass sech fir d'LM 2020 e puer nei Leit ugemellt hunn.

### **Berichter vun den Traineren a Kapitäne vun de verschiddene Nationaléquipen**

- De Giovanni Micucci dee Kapitän vun der Équipe déi op d'Weltmeeschterschaft zu Gallipoli an Italien wor, huet en ausféierleche Bericht iwwer dës Weltmeeschterschaft 2019 am Bootsfeischen gemat an d'Resultater déi eis Mannschaft erreicht huet kommentéiert.

- De René Royer, Kapitän vun der Équipe vun der Coupe des Nations 2019 zu Fehmarn an Däitschland, geet op d'Organisatioun vun dësem Concours an. Hien erkläert och d'Resultat, dat eis Mannschaft erreicht huet.

### Éierung vun de Beschtklasséierten 2019

Beschtklasséiert vun der Landesmeeschterschaft am Bootsfiessen: Micucci Batti, Wagner Fred a Royer René.

Lauréaten vun der Coupe AquaZooPêche: Dos Santos Marco, Resch Claude, Pepin Ton a Royer René.

### Éierung vun de Laangjährege Mëmbere

De Jérôme Speidel krut fir seng 10 Joer Member en Diplom an d'Éierespéngel vun der Sektioon PeM iwwerreicht.

### Programm 2020

De Sekretär stellt de Programm 2020 vir a presentéiert der Versammlung d'National Equipen déi Lëtzebuerg 2020 verrieden. Déi grouss Erausfuederung dëst Joer ass d'Organisatioun vun der Coupe des Nations, déi Lëtzebuerg zu Dunkerque organiséiert.

## *Section "Pêche en Mer"*

<http://mer.flps.lu>  
 Email: [mer@flps.lu](mailto:mer@flps.lu)  
 Tél.: 49 67 40 Fax: 26 29 69 21



  

### PROGRAMME 2020

11-12	janv.	LM1 + LM2 (Neeltje Jans)
19	janv.	Assemblée Générale (Mersch)
23	févr.	Congrès F.L.P.S.
7	mars	Coupe AquaZooPêche (NJ)
21-22	mars	Participation Exposition Arsdorf
4-5	avril	LM3 + LM4 (Neeltje Jans)
25	avril	Sortie de Pêche (Neeltje Jans)
9-16	mai	ChM Bateau - Blankenberge (B)
4-7	juin	Coupe des Nations - Dunkerque
13	juin	Sortie de Pêche (Neeltje Jans)
11	juillet	Pêche aux Maquereaux (N.J.)
19	sept.	Jachts Blankenberge (B)
7-8	nov.	LM5 + LM6 (Neeltje Jans)
14	nov.	Sortie de Pêche (Neeltje Jans)
21-22	nov.	Participation Exposition Steinsel

## **Diskussioun**

- D'Sektioun ass erfreet, dass verschidde Memberen vun der Méiglechkeet Gebrauch maachen, fir als Individuell op enger Weltmeeschterschaft deelzehuelen. Sou huet de Jungers Henri gefrot, fir Lëtzebuerg op der WM am Brandungsfëschen zu Mimizan a Frankräich ze verrieden.  
De Claude Resch hellt och mat enger Équipe un der Weltmeeschterschaft am Big Game Fëschen zu Dakar (Senegal) deel.
- De Sekretär stellt e puer Neiegkeeten vun der FIPS-M vir:  
Um Congress 2020 wäert iwver d'Fëmmen op der Weltmeeschterschaften diskutéiert an ofgestëmmt ginn.  
D'FIPS-M huet eng Ethic Charta ausgeschafft, déi och fir de Verband FLPS interessant ka sinn.
- Et gött nach emol de Memberen an all de Leit, déi op Dagesfahrten deelhuele, un d'Häerz geluegt, d'Mindestmoossen ze respektéieren a keen Dreck (Plastik ...) an d'Waasser ze geheien.
- De Claude Resch erklärt der Versammlung dass mir "à titre d'essai" den Départ mam Bus fir eis 1. Tagesfahrt zu Miersch maachen. All d'Leit müssen op Miersch kommen vu wou mir dann direkt op Neeltje Jans fueren.

## **Schlusswuert**

Zum Schluss weist de President André Biver sech ganz erfreet iwver déi konstruktiv Generalversammlung 2020 a seet all de Leit e grouse Merci a wënscht hinnen fir déi nei Saison vill Erfolleg.

de Sekretär  
Gilbert Zangerlé